



ze goen an do owes een huelen ze goen, ouni vun iergendengem radikalisierte Verréckten ëmbruecht ze ginn.

Et ass e Grondrecht vun all Professer an enger Schoul, deen iwwert d'Meenungsfräiheet wëllt schwätzen a senge Schüler op eng virbildlech Manéier verschidden Iddien dozou wëllt presentéieren, datt en dat ka maachen, ouni duerno vu Schüler oder vun Elteren oder vun iergendwellechen domadder verbonnenen Interessevertriedungen op der Strooss gekäppt ze ginn!

Datt sinn déi Grondrechter, déi mer musse verdeedegen. Datt mer dat maachen am Kader vun der Demokratie a vum Rechtsstaat, dat versteet sech vu ganz eleng! Mee mir hunn eng Prise de conscience am Abléck. Mir hunn dat, wat den Här Macron gesot huet, mir hunn dat, wat den Här Michel als President vum Conseil européen gemaach huet. Mir hunn elo en Auftrag kritt och an der Europäescher Unioun, fir emol driwwer nozedenken, wéi d'Imanen forméiert ginn an Europa. Alles dat ass eng Prise de conscience.

Mir hunn de Problem vun de Parallellgesellschaften an de Faubourgen a Frankräich. Mir hu Quartieren zu Bréissel, déi Parallellgesellschaften sinn, a ganz Bevëlkerungsgruppen an Däitschland, déi sech iwwer Generatiounen net integréiert hunn.

Mir hunn elo en Discours, deen ufänkt, un déi Problemer erunzegoen, duerch den Här Macron, duerch den Här Michel, duerch d'Madam Merkel. Mir mussen eis deem Problem an Europa stellen. Mir maachen dat selbstverständlech am Kader vun den demokratesche Reegelen, selbstverständlech am Rechtsstaat, selbstverständlech am Schutz vun de Grondrechter, mee et gëtt héich Zäit, datt mer eis Gesellschaften verdeedegungsfäeg maache géint de radikalen Islam.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Kartheiser. An da wier et nach eng Käier um Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Jo, merci, Här President. Just ee Saz vläicht nach dozou: Wa mer all dat Geld, wat mer an deene leschten 20 Joer investéiert hunn a sënnslos Iwwerwaachungsmaassnahmen, wouvun déi normal Biergerinnen a Bierger betraff waren a mat deene mer ganz weenig Impakt haten, a Bildung an a Sozialleeschungen investéiert hätten, da misste mer haut vläicht guer net iwwert déi Motioun hei ofstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Clement. Da ginn ech d'Wuert un den Här Ausseminister Jean Asselborn.

■ **M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.**- Jo, Här President, merci. Och just ee Saz. Ech widerhuelen nach eng Käier, wat ech gesot hunn: Wat fir mech wichteg ass, ass deen éischten an zweeten Tret. Total d'accord.

Beim drëtten däreft mer keng falsch Interpretatioun drasetzen, dass dat dote géif heeschen, dass de Schenge-Raum anescht consideréiert gëtt wéi elo. Dass de Schenge-Raum zougemaach gëtt no bausse, dat ass eng Saach, mee net no bannen!

Also, duerfir: Et sinn an deem Kontext hei Verschiddener op d'Bün gaangen an hu gesot: „Mir mussen elo dovunner profitéieren, fir Schengen total nei ze gesinn an Zukunft.“ Mir sinn e Land, wat vu Schengen ofhänkt, vläicht méi wéi déi grouss Länner an der Europäescher Unioun, a mir därefen net d'Gefor vum Extremismus, vum Terrorismus esou wäit bekämpfen, dass mer eis fundamental Rechter an och de Schengen-Aquis a Fro stellen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Dann eng leschte Käier Parole après ministre fir den Här Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (*CSV*).**- Jo, ech wollt just als Parole après ministre soen, datt ech mam Minister d'accord sinn, wann en dat seet.

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch (*CSV*).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools. Domadder kënne mer zum Vott kommen.

#### Vote sur la motion 2

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. De Vott fänkt un.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

#### Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmme ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par M. François Benoy), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

#### Motion 3

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3. Ass nach een, dee wëllt d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Fernand Kartheiser, wannechgelift.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).**- Jo, Här President. Ech soen lech villmools Merci an ech soen och dem Här Cruchten Merci fir déi Initiativ, déi e geholl huet, fir eis dës Motioun ze proposéieren. Ech si frou fir ze gesinn, datt, ech mengen, all politesch Fraktiounen a Sensibilitäten heibannen déi matdroen.

■ **Une voix.**- Nee.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).**- Nee? A, eng net! Mee ëmmerhi sechs vu siwen droen déi mat.

Ech wollt awer soen, datt mer se matdroen ouni iwwergrouss Begeeschterung trotzdeem, well mer net der Iwwerzeugung sinn, an a verschiddenen Debatten ass dat virdrun och schonn ugeklongen, datt d'Relatiounen tëschent den USA an Europa an Zukunft ouni Problemer wäerte sinn. Deen Enthusiasmus, deen e bëssen hei erauszeliesen ass, dee muss een hannerfroen.

Mir hunn och eng ganz Rei Handelsstreidegeete mat den Amerikaner, déi nach mussen ausdiskutiert ginn. Dozou gehéieren d'Digitaltaxen, zum Beispill. Dozou gehéieren och ganz aner Saachen, wéi d'Relatiounen mat Russland, wou den Här Biden a seng Demokratesch Partei zum Beispill méi aggressiv optrieden, wéi den Här Trump an d'Republikaner et gemaach haten.

Ech mengen also, datt mer och an nächster Zukunft nach eng ganz Rei Diskussiounen mat eisen amerikanesche Frënn souwuel an der Ekonomik wéi och an der Politik wäerten hunn. A mir kënnen och net dervun ausgoen, datt den Drock op d'Verdeedungsausgaben a priori ofhëlt. Mir droen den Text awer mat, mee mir sinn eis bewusst, datt och an Zukunft d'Relatioun tëschent den USA an Europa eng besonnesch Erausforderung wäert bleiwen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Kartheiser. Domadder kënne mer dann zum Vott vun ...

#### (Interruption par M. David Wagner)

Nee, den Här David Wagner huet nach d'Wuert gefrot.

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*).**- Jo, merci, ganz kuerz, Här President. Ech mengen, mir musse vläicht justifizéieren, firwat mer als eenzeg eis Ënnerschrëft net ginn hunn an eis och wäerten enthalen. Bon, et ass elo keng gréisser Geschicht, mee ech muss awer soen, datt mer eis haaptsächlech och u gewëssen Invitte stousse, well mer net mengen, datt et esou „primordial“ ass, datt d'Europäesch Unioun, déi natierlech, wéi et do drasteet, sech engagéiert, fir hir Wäerter ze verteidegen, déi och nach ... „qu'ils cherchent à défendre dans le monde“.

Mir si skeptesch a mir mengen, datt dat net der Realitéit entsprécht an datt déi nei transatlantesch Bezéiungen an déi Kooperatioun „sur des questions d'intérêt commun“ ... Ech weess jo net, gemeinsam Interessen tëschent den USA an der Europäescher Unioun si vläicht net onbedéngt d'Interessen och vum Rescht vun der Weltbevëlkerung. Dofir wäerte mir eis enthalen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Wagner. Domadder kéime mer dann zum Vott.

#### Vote sur la motion 3

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

#### Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par M. François Benoy), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.*

#### Motion 4

Da kéime mer zur Motioun Numero 4, déi vun der ADR deposéiert ginn ass. Ass nach een, deen zu dëser Motioun d'Wuert wëllt ergräifen? Den Här Claude Wiseler, wannechgelift.

■ **M. Claude Wiseler (*CSV*).**- Jo, Här President, ech wëll d'Wuert ergräifen, well viles, wat an där Motioun hei steet, kann ech verstoen an ech kann och domadder d'accord sinn, well ech hunn dat virdrun och an där Ried gesot, déi ech gehalen hunn. Ech gesinn net, wéi haut eng Türkei kann déi Obligatiounen, déi een als NATO-Land huet, och wouerhuelen, wann ech gesinn, datt een NATO-Land Türkei en anert NATO-Land wéi Griicheland militäresch bedroet an datt mer a Situatiounen kommen, déi risikéieren, Konflikter ze ginn zwëschent zwee NATO-Länner op där enger Säit, an datt op där anerer Säit eng Türkei sech a Konflikter erabegëtt an och risikiert, Äntwerten ze kréie vun anere Länner, wou Krichssituatiounen entstinn, déi och fir Bündnispartner extreem geféierlech kënne sinn.

Dofir verstinn ech ganz viles, wat hei gesot gëtt, mee ech soen awer och hannendrun, datt mir eng Rei vun deene Punkten, esou wéi se elo hei sinn, mat hiren Implikatiounen an dësem Moment net ganz iwwersinn, wat d'NATO-Traitée, wat hir strategesch Implikatiounen ugeet.

Dofir war meng Demande, fir a sech ze soen, ob mer déi hei Motioun kéinten an d'Aussekommisioun respektiv an d'Defensekommissioun huelen, well ech géif och gär wëssen, wat dat um militäresche Plang heescht, an dat vum Defenseminister eng Käier erkläert kréien, eier mer kënnen hei driwwer ofstëmmen.

Also d'Demande wär, fir se an d'Kommissioun ze schécken. Wann dat net de Fall ass, da géife mer eis hei aus deenen dote Grënn enthalen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Wiseler. Da ginn ech d'Wuert un den Här David Wagner.

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*).**- Merci, Här President. Mir wäerten eis och bei dëser Motioun enthalen, aus deem ganz einfache Grond, datt mer eis iergendwéi net beruff fillen, fir zu enger Verbesserung vun enger militärescher Organisatioun, déi mir souwisou prinzipiell ofleenen, kënne bäizedroen.

Mir sinn der Meenung, datt d'NATO keng positiv Saach ass. Mee vläicht kéint een dat à la limite aneschtens maachen. U sech wier et vläicht besser, datt all déi aner Länner aus der NATO géifen austrieden, dann hätte mer „d'une pierre deux coups“: Dann hätte mer den Erdoğan vläicht embêtéiert an dann hätte mer d'NATO och opgeléist; well eng Welt ouni NATO ass bestëmmt keng méi schlecht Welt, au contraire.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Wagner. Da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Yves Cruchten.

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*).**- Merci, Här President. Also ech proposéiere menger Fraktioun, dass mer déi Motioun hei net stëmmen. Wat ech awer géif proposéieren, opgrond och vun deem, wat den Här Wiseler elo grad virgeschloen huet, ass, dass mer eis eng Käier an der Kommissioun Zäit huelen, wou mer eis och emol eng Käier mat eise Vertrieder an der Assemblée parlementaire vum Europarot grad esou wéi mat eise Vertrieder an der Assemblée vum NATO-Parlament austauschen, vläicht och mat

Vertrieder vum Ministère, fir ze kucken: Op wéi engem Niveau kënne mir wat maachen?

Mee ech géif elo proposéieren, dass mer déi Motioun géifen an där Form hei ofleenen. Mee, wéi gesot, ech ginn awer mäin Engagement, dass mer an der Kommissioun op d'Thematik wäerten zrëckkommen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Cruchten. Ech mengen, domadder kënne mer zum Vott kommen.

#### Vote sur la motion 4

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

■ **M. Claude Wiseler (*CSV*).**- Huele mer d'Motioun net an d'Kommissioun?

(*Brouhaha*)

■ **Une voix.**- Nee.

■ **M. Claude Wiseler (*CSV*).**- Ech wollt déi Propos maachen, oder déi hunn ech virdru gemaach.

■ **Une voix.**- Jo, an et ass och vum Här Cruchten ugeholl ginn.

#### (Interruptions)

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Do ass gefrot ginn, datt mer zum Vott solle komme vun där Motioun.

■ **Une voix.**- Voilà!

■ **Une autre voix.**- Et war gutt gemengt.

#### (Hilarité)

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

#### Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun bei 4 Jo-Stëmme mat 31 Nee-Stëmme a 25 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par M. François Benoy), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

### 3. 7529 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat stratégique entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et le Japon, d'autre part, fait à Tokyo, le 17 juillet 2018

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 7529, enger Partnerschaft tëschent Japan an der Europäescher Unioun. D'Riedezäit vun dësem Projet ass de Basismodell. Ech géif direkt dem Rapporteur d'Wuert ginn, dem honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*), rapporteur.**- Merci, Här President. Dës Käier hunn ech dru geduecht, fir d'Mask auszedinn.

Här President, léif Kolleegen, dësé Projet de loi huet zum Zil, deen Accord zur strategescher Partnerschaft, kuerz den APS, tëscht der Europäescher Unioun a Japan ze approvouieren. Dësé gouf de 17. Juli 2018 zu Tokio vun deenen zwou Parteien ënnerschriwwen.

Haut hu mer virdrun an der aussepolitischer Debatte de Constat gemaach, dass de multilaterale System





an d'international Kooperatioun an der Lescht e schwéiere Stand haten. Duerfir ass d' Ratifikatioun vun dësem Accord dann och ganz pertinent, well en eeben d'Kooperatioun an den Asaz fir de Multilateralismus stärke soll.

Et ass och en Zeechen, dass mer als Europäescher Unioun an dëser Zäit op Partnerschaften mat verschiddenen Acteuren setzen. Ech erënneren drun, dass mer virun e puer Méint esou en Accord mat Kanada an och en Accord de partenariat et de coopération mat Singapur hei am Cercel gestëmmt hunn.

Japan ass effektiv e wichtege Partner vun der Europäescher Unioun ginn. D'Originne vun den offiziellen diplomatesche Bezéiungen tëscht der EU a Japan ginn op d'Joer 1959 zrëck mat der Ouverture vun der éischter japanescher Ambassade bei der Europäescher Communautéit. Deen éischte bilaterale Sommet tëscht deenen zwee Staaten huet dann awer bis 1991 misse waarden. D'Resultat war d'Den-Haag-Deklaratioun, déi en éischten institutionelle Kader opgesat huet, fir en Dialog an eng verstärkt Kooperatioun an enger ganzer Rëtsch vun Domänen ze erlaben, virun allem a Saachen Handel an Industrie.

Mam gemeinsamen Aktionsplang vun 2001 hunn d'EU a Japan hire Wëllen ënnerstrach, fir dës Partnerschaft ze verdéiwen.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

D'Intentioun hannernt der Negociatioun vun dësem Accord zur strateegescher Partnerschaft war d'Moderniséierung vun de bilaterale Bezéiungen an d'Stärke vun enger strateegescher Komponent vum Partenariat. Et war och d'Europäesch Unioun, déi drop gepocht huet, e politesche Kader fir d'Relatiounen ze setzen, während Japan an enger éischter Phase virun allem e Fräihandelsaccord negociéiere wollt.

Um 20. Sommet tëscht der EU a Japan, den 28. Mee 2011, hunn déi zwou Säite sech drop verstännegt, d'Ausschaffe vun zwee Accorden unzestriewen: engersäits e Fräihandelsaccord respektiv en Accord de partenariat économique, kuerz APE, an eeben den Accord de partenariat stratégique.

Am November 2012 huet de Conseil vun der EU Negociationsdirektiven ugeholl. D'Negociatiounen selwer goufen dann am Mäerz 2013 ugefaangen.

De prinzipiellen Accord zum APR gouf am Juli 2017 fonnt. Am Abrëll 2018 goufen dann d'Verhandlungen zum APS no 13 Tier ofgeschloss. Den Accord gouf wéi gesot de 17. Juli 2018 am Kader vum 25. EU-Japan-Sommet zu Tokio ënnerschräiwen a gouf am Dezember 2018 vum Europaparlament approvéiert.

Et handelt sech beim APS ëm en Accord mixte, deen also souwuel reng europäesch an och national Kompetenzen couvréiert an duerfir och duerch déi national Parlamenter ratifizéiert muss ginn, ier e ganz a Kraaft triede kann. Bis elo hunn 13 EU-Memberstaaten a Japan dat gemaach. Dobäi muss een awer soen, dass e groussen Deel vum Accord zanter dem 1. Februar 2019 provisoresch applizéiert gëtt.

En APS ass déi héchste Form vu Kooperatioun tëscht der EU an Drëttlänner. Zesumme mam APE, also dem Accord de partenariat économique, etabléiert en en neit Fundament fir déi bilateral Kooperatioun mat Japan an erlaabt e besseren Engagement mat dëser Region.

Den Accord zur strateegescher Partnerschaft ass deen éischte bilaterale Kaderaccord tëscht der EU a Japan. E setzt e verbindleche Kader an offréiert eng kohärent a strateegesch Basis fir d'Bezéiungen an d'Zesummenaarbecht tëscht den zwee Acteuren an hëllef, d'Sich no Léisunge fir gemeinsam Erausforderungen ze vereinfachen. E stäerkt déi gemeinsame Partnerschaft a fërdert déi politesch a sektoriell Kooperatioun souwéi gemeinsam Aktivitéiten an iwwer 40 Domänen, déi vu gemeinsamem Interesse sinn, zum Beispill an der Sécherheet, der Energie, der Recherche oder nach an der Cyberkriminalitéit (veuillez lire: oder nach an der Bekämpfung vun der Cyberkriminalitéit).

Eng méi exhaustiv Lëscht vun de Sujeten, déi dësen Accord couvréiert, fannt Der a mengem schrëftleche Rapport.

D'Fundament vum APS sinn eis gemeinsam Wäerter a Prinzippien, virun allem d'Mënscherechter, d'Rechtsstaatlechkeet, e regelbaséierten internationalen System souwéi de Friden an d'Stabilitéit weltwäit. Den APS wäert gemeinsam Efforte bei der Promotioun vun dëse Wäerter an och d'Kooperatioun a regionalen an internationalen Organisatiounen vereinfachen.

Grad an enger Welt, wou de multilaterale System a Fro gestallt gëtt an de regelbaséierten Handel ënner Drock ass, kann dësen Accord e wichtegt Instrument sinn. Wann den Accord vun all de Memberstaaten ratifizéiert gouf, wäert den APS déi nei Basis fir d'Relatiounen tëscht der EU a Japan a Saachen Aussepolitik sinn an e wäert en offizielle politeschen Dialog zu relevante Froen erméiglechen.

Sou kann d'Europäesch Unioun zum Beispill d'Fro vun der Doudesstrof opwerfen, déi Japan nach ëm-

mer net ofgeschafft huet. Ech wëll hei nach eemol drun erënneren, dass d'Doudesstrof onmënschlech, grausam an erniddregend ass. An och wann déi Männer an der Aktualitéit steet, dierfe mer keng Geleeënheet verpassen, fir dat ëmmer erëm nees un de Pranger ze stellen!

**■ Une voix.**- Très bien!

**■ M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.**- Rezent hunn d'EU a Japan de 26. Mee am Kader vun enger Visiokonferenz ënnerstrach, dass den APS schonn e positiven Impakt hat.

Japan ass d'ailleurs och e wichtege Partner vu Lëtzebuerg. Eis diplomatesch Bezéiungen reechen zrëck bis an d'Joer 1927, wéi deen éischte japaneschen Ambassadeur hei an der Stad akkreditéiert gouf. Et gi reegelméisseg Echangen a Visitten, souwuel op ministeriellem Niveau, awer och tëscht eise Monarchien, déi eng enk Bezéiung fleegen. Och op parlamentareschem Niveau ginn et Echangen. Ech mengen, et gëtt e Groupe d'amitié.

Japan ass ausserdem e wichtege Handelspartner fir Lëtzebuerg. Eng 120 lëtzebuergesch Entrepreneuren exportéieren a Richtung Japan. Sechs japanesch Finanzinstitute hunn e Sëtz hei zu Lëtzebuerg. An am Kader vum Brexit hunn dräi japanesch Assurancen hir europäesch Filial op Lëtzebuerg verluecht. Et gëtt och eng Kooperatioun mat der japanescher Spaceagency. Den APS mécht natierlech och nei Weeër fir déi lëtzebuergesch-japanesch Kooperatioun op.

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

Här President, den 28. September gouf de Projet an der Kommissioun presentéiert an analyséiert. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 1. Abrëll ofginn, an deem se dem Projet eigentlech zougestëmmt huet. Dem Staatsrot säin Avis koun den 3. Abrëll, och ouni Problem. E Méinden de Moien hu mer de Rapport dann an der Kommissioun ugeholl.

Heimat ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**■ M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Rapporteur Yves Cruchten Merci a ginn direkt d'Wuert weider un deen éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Laurent Mosar.

**Discussion générale**

**■ M. Laurent Mosar (CSV).**- An dee fänkt u mat engem ganz grouse Merci un de Rapporteur, deen eis net nëmmen dee ganze Projet nach eng Käier detailléiert geschildert huet, mee deen haaptsächlech och nach eng Käier op d'Wichtigkeet higewisen huet.

Ech wollt och nach eng Käier widderhuelen: Et gëtt vill vu China am Moment geschwat. Dat wëllt awer net heeschen, dass Japan net och e wueslou wichtegt Land ass, mat deem mer och traditionell ëmmer exzellente Relatiounen hunn an haten, souwuel op wirtschaftlech Plang wéi awer och op ganz villen anere Pläng.

Duerfir, mengen ech, ass dee Projet haut e wichtige Schrëtt, fir déi Relatiounen nach ze verbesseren. A mir wäerte mat grousser Iwwerzeugung eisen Accord zu deem Projet ginn.

Ech soen lech Merci.

**■ Une voix.**- Très bien!

**■ M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Mosar. Ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Gusty Graas.

**■ M. Gusty Graas (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn de Mëtteg ganz vill iwwert d'Europäesch Unioun geschwat. Mir hunn eis ganz vill Gedanke gemaach, wéi d'Europäesch Unioun soll muer ausgesinn. Mee ech mengen, hei ass erëm e ganz gutt Beispill, wat beweist, wéi wichteg et ass, dass et esou eng Struktur wéi d'Europäesch Unioun gëtt, well hei ginn nei Méiglechkeeten opgemaach, net nëmme fir déi 27 Memberstaaten, mee hei gi virun allem och Méiglechkeete fir eist Land opgemaach. An et ass schonn hei ënnerstrach ginn, dass mir scho jorzéngtelaang gutt Relatiounen mat Japan hunn.

Da wëll ech och drop hiweisen, dass déi Accords de partenariat stratégique eng ganz grouss Bedeitung hunn, wéi de Rapporteur Yves Cruchten dat hei schonn ënnerstrach huet - ech wëll em och direkt Merci soe fir seng verschidde Rapporten -, a mir haten net méi spët wéi virun e puer Wochen een hei mat Kanada ënnerschräiwen. An déi muss een och emol e bëssen am Detail analyséieren. Da gesäit ee jo, dass do ganz vill Domäne vun der Politik touchéiert ginn, déi et also erlaben, och méi enk zesummenzeschaffen. Ech denke virun allem un déi grouss Defien, déi eis alleguerten de Moment Suerge maachen, an éischer Linn natierlech de Klimaschutz, doriwwer eraus awer och nach eng Rei aner Problemer, d'Sécherheet virun allem.

An da kënn een awer net derlaanscht, wann een iwwer Japan e Wuert verléiert, de Rapporteur ass och schonn drop agaangen: Japan ass natierlech leider, muss ee soen, nach eent vun deenen zivil-

séierte Länner, wat awer leider nach ëmmer d'Doudesstrof huet. Esou Accorden erlaben eis zumindest, dat och ze thematiséieren. Sécher, et mengt een ëmmer, et misst een direkt eppes erreechen. Dat ass an der Politik net esou. Mir wëssen alleguer heibannen, dass et oft e laangen, laange Wee ass oder „d'Buere vun décke Brieder“, wéi scho bedeitend Leit dat gesot hunn.

Duerfir ass dat heiten e wichtegt Gesetz, e Gesetz, wat mir als Demokratesch Partei selbstverständlech matdroen. An deem Sënn ginn ech d'Zoustëmmung vun der DP.

Merci.

**■ Plusieurs voix.**- Très bien!

**■ M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Graas. Da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**■ Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Merci, Här President. Ma et passt jo och elo vum Timing hier relativ gutt. Mir si gëschter an haut e puermol op d'Bezéiungen tëscht der EU a Japan, awer och tëscht Lëtzebuerg a Japan agaangen. Wéi gesot, dësen Accord setzt en zolitte Kader fir eng ganz Partie vu Beräicher, notament ass gesot ginn: Energie, Cyberkriminalitéit, Sécherheet, Friddenserhalung an esou weider. Dat heescht, dat huet och fir eis als Land eng gewësse Bedeitung, an eeben och net nëmmen, well Japan och fir eis e wichtege Handelspartner ass.

Ech wollt awer och just nach eng Käier op dat zrëckkommen, wat den Här Graas och elo nach eng Käier gesot huet. Jo, Japan hält och weiderhin un der Doudesstrof fest. Mir sinn eis eens, dass dat och fir eis elo e Problem duerstellt. Mee mir hunn awer - an dat ass eeben och esou - ouni esou Accorden, ouni Plattformen, wou een e reegelméisseg, etabléierten Dialog ustriewe kann, och weider keng Méiglechkeeten, fir esou Saachen unzschwätzen.

Mir ginn eis eebe mat deem Accord och domadder eng Plattform, wou mer kënnen iwwer eis Bedenke schwätzen a wou mer vläicht - och wann een e laangen Otem muss hunn, wéi den Här Graas gesot huet - och da kënnen éischer eppes erreechen, wéi wa mer deen Dialog net hätten.

Voilà! Domadder ginn ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun.

**■ M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Empain. Ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**■ M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Och e Merci un den Här Cruchten fir säi gudden schrëftlechen a mëndlechen Exposé. Dat Gesetz hei ënnersträicht d'Wichtigkeet vun eise Relatiounen mat Japan. A mir droe selbstverständlech dësen Accord och mat.

Et ass allerdéngs net den JEFTA. Mir kréien nach eng Diskussioun iwwert de Fräihandel, iwwer e Fräihandelsverkommen mat Japan, wat natierlech och seng eege Komplexitéiten huet. Mee dat hei ass awer e wichtege Accord.

Ech wëilt awer zwou Bemerkunge maachen:

Déi éischt ass: Mir haten dat, wéi mer d'CETA-Diskussioun haten. An déi Doktrinn vun deem Accord mixte, déi hei applizéiert gëtt, ënnerscheet sech vun deem Accord partagé, deen an den europäeschen Traitéen entsteet. Mir haten am Detail diskutéiert, wat geschitt ass eigentlech, fir den Afloss vun de Memberstaaten vun der Europäescher Unioun bei esou Accorden zrëckzedrängen.

Mir sinn als ADR der fundamentaler Iwwerzeugung, dass et wichteg ass, dass all Memberstaat iwwer all Traité ka voll decidéieren. Mir ënnerscheeden eis domadder och par rapport zu enger Decisioun, déi sengerzäit och den Här Asselborn mat ausgehandelt hat am Conseil. A mir bestinn op d'Rechter vun de Memberstaaten. Et ass wichteg, och besonnesch fir déi kleng Memberstaaten, dass se esou Aflossméiglechkeete behalen.

Eng zweet Bemerkung ass déi vun der Doudesstrof. Mir hunn dat hei mat Japan. An ech si frou iwwert dee Konsensus, dee mer heibannen hunn, dass dat a Friddenszäiten eng méi wéi bedauerlech Form vum Strofvollzuch ass. Et ass schéin, dass mer dee Konsensus hei hunn. Ech wëll awer soen: Mir diskutéieren dat elo mat Japan, mee mir hunn et och an den USA. Och den Joe Biden vertritt e Land, dat d'Doudesstrof applizéiert. A mir hunn et och, a mir haten et virduen ënnerstrach, an anere Regimier, wéi och a Palästina.

Dat heescht, wa mer hei d'Doudesstrof am Kontext vu Japan kritiséieren - an eisen Ae vollkommen zu Recht -, dann ass dat och eng Saach, déi mer sollten iwwerall maachen, erga omnes, géintiwwer jidderengem, deen déi Form vu Strofvollzuch praktizéiert, fir eng Gläfwierdegkeet och an dësem Beräich ze behalen.

Ech soen lech Merci.

**■ M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

**■ M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Bon, wéi gesot, mir hunn et hei mat engem Accord tëscht der EU a Japan ze dinn, deen op 20 Säite lauter ganz schéin Absichten opzielt: „Mir si fir d'Mënscherechter, mir si fir d'Demokratie, fir de Rechtsstaat, mir kämpfe géint de Klimawandel, den Terrorismus och, a géint d'Massevernichtungswaffen, a mir tauschen eis aus a Saachen Ëmwelt-, Kultur- a Landwirtschaftspolitik.“

Dat ass wonnerschön. Et ass schéin. Ech muss bal kräischen, esou schéi wéi dat ass, esou emouvéiert sinn ech! Déi Wieder, déi si fantastesch.

« Mais un accord en cache un autre ! » An den Här Kartheiser ass drop agaangen. Well deen heiten Accord stratégique ass jo just d'Feigeblatt vun engem vill méi groussen Accord, deen net 20 Säiten huet, mee 1.800, an deen net allgemeng schéin Absichten erkläert, mee bis an de klengsten Detail juristesches contrainnant Reegelen opstellt.

Do si mer erëm eng Käier op där selwechter Diskussioun wéi virduen: Engersäits erëm schéi Parolen, alles „Friede, Freude, Eierkuchen“, Bussibären! Mir sinn déi Bescht, mir si ganz fein, mir si schéin, mir si géint Terrorismus, mir si fir d'Demokratie. An duerno d'Realitéit, déi geet an eng aner Richtung!

D'EU-Memberstaaten an d'Kommissioun hunn aus deene ganze Protestaktiounen ronderëm den CETA an den TTIP eppes geléiert: Fir ze vermeiden, dass d'Zivilgesellschaft an déi national Parlamenter d'EU-Handelspolitik kritisches hannerfroen, gi se an Zukunft einfach emol net méi gefrot an dann ass de Problem geléist!

De Fräihandelsaccord tëscht der EU a Japan ass einfach vum Conseil als „non mixte“ agestuift ginn, soudatt et just duerch d'EU-Parlament muss goen an net méi duerch déi national Parlamenter.

Déi grouss Versprieche a Saachen Transparenz sinn all vergiess! Mir als national Deputéiert si praktesch näischt gewuer gi vun deene Verhandlungen zum JEFTA, geneesou weínege wéi d'Bierger dobaussen. Just déi grouss Industrieverbänn, déi sinn an Honnerte vu Reuniounen ëm hir Meinung gefrot ginn, wéi d'EU-Kommissioun jo och op Nofro vun EU-Deputéierten huet missen zouginn.

Am Fräihandelsaccord JEFTA fënnt ee genee déi selwecht problematesch Konzepter wéi am CETA: reglementaresch Kooperatioun, Liberaliséierung vun de Services unhand vun Negativlëschten a Liberaliséierung vun de Marché-publicken an de Kapital- a Finanzflëss. Sanktionéiert gi just Verstéiss géint déi kommerziell Reegelen, während d'Verstéiss géint Ëmwelt- oder sozial Dispositiounen egal sinn.

Et ass alt nees en Accord vun de Multinationale fir d'Multinationallen, deen den ekologeschen a soziale Froen net Rechnung dréit! Dofir muss dat ganz schnell goen! Dofir dierfen national Parlamenter, quitte dass se vläicht souguer majoritär fir esou komesch Accorde sinn, emol net matagebonne ginn.

**(Brouhaha)**

Mee alles dat, déi 1.800 Säiten detailléiert Reegele si vun eise Memberstaaten weeder gekuckt nach analyséiert ginn. Mir dierfe just hei nach debattéieren iwwer en 20-Säiten-Heile-Welt-Text ouni Valeur - ouni Valeur! -, deen och nach zu engem groussen Deel scho säit Februar 2019 a Kraaft ass.

Éierlech gesot, ech fille mech ugeschass hei! Ech hunn d'Flemm! Mir maachen hei Politik an déi schéi Parolen, dass ass fir Kanner, net fir Volleksvertreieder. An dat ass dat, wat mir zerwéiert kréien! Ech soen lech, gëschter huet den Här Asselborn gesot: „Passt op, d'Kommissioun“, - déi fantastesch Kommissioun! -, „déi wäert elo d'Bierger méi abannen an d'Decisiounsmechanismen iwwert d'Fräihandelsaccorden.“

Pustekuchen! Ech gleewen dat net! An et wäert net geschéien, well et ass net erwünscht! Et ass just reng Kommunikatioun. Wien drop erafält, ass naiv!

Mir hunn näischt géint Japan, au contraire - au contraire! -, mee well deen heiten Accord just e Blinddarm ass vum JEFTA an aus Protest géint déi generell Virgoensweis, wäerte mir selbstverständlech dergéint stëmmen.

**■ Une voix.**- Très bien!

**■ M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wagner. Da wier et um honorabelen Här Sven Clement.

**■ M. Sven Clement (Piraten).**- Jo, merci, Här President. Merci och dem Rapporteur Yves Cruchten fir den exzellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

Ech mengen, et gouf schonn ugeschwat: Lëtzebuerg huet op ganz héijem Niveau ganz enk Relatiounen mat Japan, an déi soll een och net vergiesen, wann een iwwert deen heiten Text schwätzt. An deem heiten Text geet et ... Ben, ech géif en elo net als „Blinddarm“ bezeichnen, et ass awer definitiv en „Heile-Welt-Text“.





Et ass en Text vu relativ eidele Verspriechungen, vun Hoffnungen, datt sech eppes an déi richteg Richtung géif dréinen. Ech mengen, mir dierfen net vergiessen, an och dat gouf ugeschwat: Japan huet nach ëmmer eng Doudesstrof a Japan huet déi Justiz, déi international dofir bekannt ass, den héchsten Taux u Verurteilungen ze erreechen. Et si reegelméisseg iwwer 90 % vun de Fäll, déi a Japan viru Geriicht landen, déi och zu enger Verurteilung féieren, deelweis mat ganz harsche Strofen. Also et ass net „heile Welt“.

Netdestotrotz muss ee sech bewusst sinn, datt een, wann ee mat Länner wëllt am Gespréich bleiwen, ech hunn et virdru gesot, och muss mat deene Länner schwätzen. Mir mussen mat deene Länner handelen, mir mussen mat deene Länner verhandelen. An dat heiten ass eeben d'Resultat, wat bei enger Verhandlung erauskomm ass.

Et ass sécherlech net dat Resultat, wat ech mer perséinlech géif wënschen. Ech hätt mer e bësse méi contraignant Formulëierung gewënscht. Mee et ass e Resultat, wat an déi richteg Richtung weist. An duerfir wäerte mir dat heiten dann och matdroen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

#### **Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes***.- Jo, vläicht och zwee Sätz. Et deet mer leed, ech muss hei ënne schwätzen.

Also, fir d'alleréischte dem Yves Cruchten merci fir all seng Aarbecht, an d'Regierung steet voll hannert him.

Ech wollt och soen, dass mer hei eppes maachen, Här Wagner, wat ze dinn huet mam Lissabonner Vertrag. Am Lissabonner Vertrag steet, dass d'Handelsaccorde vum Europaparlament guttgeheescht ginn. An beim Europaparlament kann ech mer awer net virstellen, dass Dir géift mengen, dass dat en ondemokratesche Veräi wier.

#### **(Interruption par M. David Wagner)**

D'Europaparlament muss déi national Parlamenter froen, wann Investitiounsschutz derbäi ass. Dat ass an aneren Accorde jo gemaach ginn, wéi mer dat wëssen. Mee hei ass et just en Accord, wou keen Investitiounsschutz derbäi ass, wou also keng national Kompetenzen erakommen. An da mussen mer de Lissabonner Vertrag a Fro stellen, wa mer dat contestéieren.

Bon, dat Zweet, wat ech wollt soen, dat ass, dass an Europa gerechent gëtt, dass 600.000 Aarbechtsplazen aus Europa ofhänke vun eise wirtschaftleche Relatioune mat Japan.

An dat Drëtt ass, dass an dësem Accord eng spezifesch Referenz op deen Accord iwwert de Klima vu Paräis drasteet, wat jo och net näischt ass.

D'Doudesstrof: Mat allem, wat hei gesot ginn ass, sinn ech selbstverständlech d'accord. Mee et ass besser, et huet een en Hiewel, fir och kënnen mat engem Land - zemools esou engem wichtege Land wéi Japan - wirtschaftlech besser Relatioune opstellen, fir e Moyen ze hunn, fir enges Daags och iwwert d'Doudesstrof a Japan kënnen zu enger anerer Konsequenz ze kommen.

Mee d'Doudesstrof ... Also, ech sinn zënter 2004 op deem Posten, op deem ech sinn, an all Joer si Konferenzen doriwwer. D'Zuel vun de Länner, déi d'Doudesstrof ofschafen, déi hëlt zou - dat däerfe mer net negativ gesinn -, déi hëlt zou. Allerdéngs soulaang wéi eent vun de mächtigste Länner vun der Welt d'Doudesstrof huet, wäert se net eradiquéiert ginn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Ausseminister. Parole après ministre fir den Här David Wagner.

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Jo, natierlech, de Mechanismus, dee benotzt gëtt, ass dee vum Lissabonner Vertrag. Wat ass de Lissabonner Vertrag? Dat ass u sech dat, wat erauskomm ass vum europäeschen Traité constitutionnel, dee jo op gréissere Widerstand gestouss ass, zemools an deene Länner, déi e Referendum organiséiert hunn. Souguer hei zu Lëtzebuerg war et knapps.

■ **M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes***.- Nee, nee, dat war de Verfassungsvertrag.

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Jo, jo.

■ **M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes***.- Hei si mer beim Lissabonner Vertrag. Deen ass vun 2009.

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Jo, jo. Maja, jo, justement, ech war net fäerdeg.

An duerno, de Lissabonner Vertrag ass u sech op eng äusserst ..., also dës Käier net méi mat esou

enger demokratescher Legitimitéit duerchgeboxt ginn. Dat war esou e komeschen Accord, dee justement vum Prinzip hier net demokratesch ass. En ass formal korrekt, de Lissabonner Vertrag, mee éierlech gesot, déi demokratesch Legitimitéit vum Lissabonner Vertrag wëll ech a Fro stellen. Ech sinn net deen Eenzeg, deen dat mécht.

An ech fannen dat awer problematesch, well et hätt een trotz Lissabonner Vertrag kënnen soen, datt den Accord trotzdeem „mixte“ wier. Well dat ass jo och mat aneren Accorde geschitt. Mee elo gëtt sech hannert dem Lissabonner Vertrag, dee souwiso op eng komesch Aart a Weis an net demokratesch Aart a Weis zustane komm ass, verstoppt.

Also u sech, dat Ganzt spigelt wierklech gutt erëm, wéi d'EU funktionéiert.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Wagner. D'Wuert geet kuerz zrëck un den Här Ausseminister ... Wat net de Fall ass. Domat ass d'Diskussion ofgeschloss.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7529. Den Text steet am Document parlementaire 7529<sup>9</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7529 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électro-nique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

#### **Appel nominal (votes par procuration)**

Domadder ass dëse Projet de loi mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugehooll.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten) et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par M. François Benoy), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non* : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### **(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

### **4. 7502 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Malte relatif à la protection réciproque et à l'échange d'informations classifiées, fait à New York, le 26 septembre 2019**

### **7602 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Serbie concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, fait à Luxembourg, le 4 février 2020**

Als nächst hu mer de Projet de loi 7502, een Accord tëschent Lëtzebuerg a Malta am Beraich vum Austausch vu klassifizierten Informatiounen. De Rapport fir dëse Projet de loi gëtt vun der Madamm Lydia Mutsch gemaach. A si mécht da gläichzäiteg de Rapport vum Projet de loi 7602, wou et ëm en Accord geet tëschent Lëtzebuerg a Serbien, och wat den Austausch vu klassifizierten Informatiounen ugeet.

Ech wëll just drop hiweisen, datt laut Artikel 37 vun der Verfassung den Artikel 114 vun der Verfassung geltend gemaach gëtt an esou also eng qualifi-

zéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmme fir dëse Projet de loi an och fir de Projet de loi 7602 erfuerdert ass an datt de Vote par procuration net erlaabt ass.

Herno maache mer dann d'Diskussion och fir déi zwee Projeten zesummen an duerno stëmme mer separat iwwert déi zwee Projeten of. Domadder géif ech dann direkt der Rapportrice d'Wuert ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

#### **Rapports de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile sur les projets de loi 7502 et 7602**

■ **Mme Lydia Mutsch (*LSAP*), rapportrice**.- Merci, Här President. Da leeën ech elo lass. Wéi Dir et richtig gesot hutt, wäert ech hei zwee Gesetzer presentéieren, déi allen zwee deen nämmelechen Objet hunn, och wann et ëm en anert Land geet. Mee et geet bei deenen zwee drëm, en Accord zum Echange a reciproquë Schutz vu klassifizierten Informatiounen ze approvëieren.

Effektiv ass dat heiten en Deel vun enger Strategie, déi mir hunn, fir mat wa méiglech alle Länner, déi an der EU sinn an och an der NATO, an och anere privilegierte Partner esou eng Zort Accorden ofzeschleissen. Stand haut hu mer der scho 27. Dat heescht, mat deenen zwee Gesetzer, déi mer haut stëmmen, kommen der zwee derbäi, da si mer op 29 Accorden.

Mir kruten och gesot, dass nach dräi aner Accorden an der Maach sinn, an zwar mat Litauen, Bosnien-Herzegowina an Holland. An och mat der Schwäiz sti schonn Demarchen un. A wann ech déi nennen, da sinn domadder déi multilateral Protektiounsregimenter vun der NATO, der Europäescher Unioun an der ESA, der European Space Agency, emol guer net matagerechent.

Elo awer zu dëse Gesetzer. Et kommen also elo zwee Accorden derbäi: ee mat Malta, also engem weideren EU-Memberstaat, an ee mat Serbien, engem EU-Bäitrittskandidat.

Ech wëll och kuerz resuméieren, wourëm et bei deenen Accorde geet. Majo, si schafen, fir dat kuerz ze soen, de rechtliche Kader, deen den Austausch an de Schutz vu klassifiziertem Material tëscht zwou Vertragsparteie reglementéiert. An domat garantéiere mer am Fong, dass klassifiziert Dokumenter eenheetlech behandelt an och protegéiert ginn, well dat si ganz sensibel Informatiounen, déi do drastinn.

Firwat ass deen Typ vun Accorden esou wichteg? Majo ganz einfach: Et gëtt hei e ganz enke Lien zu den nationale Sécherheetssituatiounen an deene Länner, déi concernéiert sinn. Do gëtt dann eng Ofweuung gemaach, ob verschidden Informatiounen net ëffentlech zougänglech solle gemaach ginn, well eeben e potenzielle Risiko kéint bestoe fir déi national Sécherheet.

Dat gesäit elo e bëssen aus, wéi wann dat net ganz transparent wier oder wéi wann hei d'Ëffentlecheet express net géif informéiert ginn, mee et gëtt duerchaus Situatiounen an Zenarien, an deenen d'Klassifizéierung vun Informatiounen noutwendeg a wichteg ass. Mir hunn haut am Zesammenhang mat der aussepolitischer Diskussion doriwwer geschwat. Déi Menacen, deenen d'Länner géigeniwwerstinn, déi ginn ëmmer méi komplex. Et sinn ëmmer méi Acteuren implizéiert, virun allem och ëmmer méi net staatelech Acteuren.

D'Konfliktlinne kënnen net ëmmer ganz kloer gezeechent ginn, keng einfach Situatioun. Mee kloer ass: Déi international Zesummenaarbecht gewënnt weider u Wichtegkeet, fir grenziwwerschreidend Phenomeener wéi den Terrorismus oder Drogen- a Menschenhandel oder och d'organiséiert Kriminalitéit ze bekämpfen.

An da kënn nach derbäi, dass den technologesche Fortschritt an all dësen Evolutiounen natierlech eng Haaptroll spillt. An enger ëmmer méi informatiséierter Welt, an enger Zäit, wou Cyberattacken zouhuelen, muss de Staat och d'Sécherheet am virtuelle Raum sécherstelle kënnen. Et muss ee sech also op déi ganz komplex an och komplett verännert Situatioun kënnen astellen a sech déi néideg Mëttel ginn, fir déi Sécherheitslandschaft do richtig ze gestalten an och op déi Erausforderungen ze reagéieren.

Eppes stécht hei an d'A. Duerch de Fait, dass vill Erausforderunge keng Grenze kennen, ass et onerlässlech, fir mateneen zesummenzeschaffen an dass ëmmer méi Länner och op dee Wee ginn, wat mir natierlech begrëissen.

Dës Accorden, déi mer haut stëmme wäerten - ech hoffen et op alle Fall -, sinn heibäi vläicht éischter e klengt, mee a mengen Aen awer e ganz wichteg an noutwendeg Stéck an engem gréisseren Tablo vu Mesuren, déi an enger preventiver Logik agéieren, fir sech gemeinsam, also am Lännerverbond, wéi ech elo grad gesot hunn, dës Menacen ze stellen a se zesummen ze stemmen.

Duerch déi bilateral Accorde leeë mer also e legale Kader fest. Mir etabléieren Equivalenzen tëscht de verschiddenen nationale Klassifikationsniveauen.

Well mengt net, déi wieren iwwerall d'nämmelech. Si ginn dann an engem Tableau d'équivalence veranschaulicht, fir dass dat och verständlech an novollzéibar ass, an d'Accorden definéieren och gläichzäiteg déi zoustänneg national Sécherheitsautoritéit, déi an dësem Domän kompetent ass. An da ginn déi applikabel Mesuren zum Schutz vun de klassifizierten Dokumenter festgeluecht an den Transfert, d'Reproduktion, d'Iwwersetzung an d'Zerstéierung vun dësen Dokumenter encadréiert.

Et gëtt och festgehalen, dass am Fall vun enger Infraktioun déi concernéiert Sécherheitsautoritéit hir Géigeparteie postwendend informéiere muss. Dat schéngt mer och ganz wichteg ze sinn, och fir d'Konsequenze vun dësem Verstouss ze limitéieren.

Bon, dat ass e kleng Resümee. Wann Der elo wëllt méi Detailer doriwwer wëssen, da géif ech op mäi schrëftleche Rapport verweisen. Dat nämmelech gëllt fir d'Aarbechten, déi mir an der Kommissioun gemaach hunn, iwwert déi ech och eppes an de Rapport drageschriwwen hunn.

Mir hunn eis mat dësen zwee Projekte befaasst, haten eng gutt Ausenanersetzung. Mir waren eis och an der grousser Majoritéit eens iwwert d'Wichtegkeet vun dëse Gesetzer. An ech fir mäin Deel bréngen op alle Fall den Accord vu menger Fraktioun fir déi zwee Projeten hei mat op de Wee a soen lech Merci fir d'Nolauschten.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Mutsch. Ech soen der Madamm Mutsch Merci fir dee Rapport a ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Claude Wiseler.

#### **Discussion générale**

■ **M. Claude Wiseler (*CSV*)**.- Merci, Här President. Ech soen der Madamm Mutsch och Merci fir deen duebele Rapport, dee se gemaach huet. An et bleift mer just deen duebelen Accord vun eiser Fraktioun fir déi Texter ze ginn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Wiseler. An ech ginn d'Wuert un den honorabelen Här Gusty Graas.

■ **M. Gusty Graas (*DP*)**.- Merci, Här President. Och mir bleift u sech näischt méi do derbäizefügen. Ech soen och der Madamm Mutsch villmools Merci fir déi interessant Rapporten, et waren der jo zwee, a brénge selbstverständlech och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Graas. An da geet d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Stéphanie Empain.

■ **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*)**.- Merci, Här President. Ech hunn deem och net vill bäizefügen. Ech géif allerdéngs eppes nohuelen, wat ech virdru vergiess hunn. Ech hunn nämlech virdru vergiess, dem Här Cruchten fir säi Rapport Merci ze soen.

#### **(Brouhaha)**

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Wannechgelift, e bësse méi lues!

■ **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*)**.- Voilà! Dat heescht, ech géif heimadder dem Här Cruchten Merci soe fir de Rapport virdun an der Madamm Mutsch fir hir zwee Rapporten, also fir dee gemeinsame Rapport vun deenen zwee Projet-de-loie vun elo grad, an dann och den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Empain. Da wier et um Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Villmools merci, Här President. Ech wëllt dann och ufänke mat engem Merci un d'Madamm Mutsch fir déi zwee Rapporten, déi se eis gemaach huet.

Ech wëll awer zwou Bemierkunge maachen:

Dat Éischt ass, wann auslännesch Servicer mat eis sollen Informatiounen deelen, datt se da müssen dat néidegt Vertrauen an eise Service hunn. A mir hunn am Abléck eng Situatioun, wou mer net wësen, ob et net schonn nees eng Fuite an eise Geheimdéngscht gouf. Mir haten där Fall schonn an der Vergaangenheet.

D'Geheimdéngschtkontrollkommissioun këmmert sech elo drëm. D'ADR huet eng Question parlementaire un de Premierminister gestallt. A mir müssen onbedéngt sécherstellen, datt och de Lëtzeburger Geheimdéngscht vertrauenswürdeg ass an den Ae vun eise Partner, soss, Accorden hin oder hier, kréie mir keng Informatiounen, déi mer vläicht brauche fir eis Sécherheet.

Ech wëll also d'Kollegen an der Geheimdéngschtkontrollkommissioun heimadder bidden, där Saach ganz seriö nozegoen, fir datt séchergestallt ass, datt Informatiounen, déi eise Geheimdéngscht huet, säi Personal inklusiv, datt dat absolutt geschützt ass, an zouverlässegeschützt och an den Ae vun eisen auslännesche Partner ass.